PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 21/04/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Verdeedegung weiderzeleeden.

Am Dezember d'lescht Joer hat ech dem Minister eng parlamentaresch Fro gestallt, wéi den 1G an der Arméi gehandhaabt gëtt. Kandidate ginn ab dem 1te Januar 2022 nëmmen an d'Arméi inkorporéiert, wann se ee vollstännegen Impfzyklus virweise kënnen. Persounen, déi net geimpft sinn, ginn deemno vollstänneg aus der Arméi ausgeschloss. De Minister berifft sech heibäi op d'ofgeännert Gesetz vum 16 Abrëll 1979 "ayant pour objet la discipline dans la Force publique". Mam leschte Covid-Gesetz gouf d'Situatioun hei am Land awer extreem gelackert an d'Leit brauchen aktuell keng gréisser Konsequenzen ze fäerten, wann si sech net impfe wëlle loossen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Hält d'Arméi weider dru fest, dass all neien Zaldot ee kompletten Impfzyklus muss ofgeschloss hunn?
2. Existéiert am Kader vum NATO-Bündnis eng Verflichtung, déi beseet, dass d'Zaldote musse geimpft ginn? Wann deem sou wier, wéi eng Instanz hëlt des Decisioun?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député